LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre

Luxembourg, le 15/10/2020

REÇU
Par Alff Christian , 10:49, 15/10/2020

Le Ministre des Affaires étrangères et européennes

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Je vous prie de bien vouloir trouver en annexe, la réponse à la question parlementaire n°2836 posée par l'honorable Député Monsieur Fernand Kartheiser.

Jean Asselborn

**Äntwert vum Aussen-an Europaminister Jean Asselborn op d'parlamentaresch Fro N°2836 vum 16. September 2020 vum Honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser**

D'Generaldirektioun fir den Europäesche Katastropheschutz an Humanitär Hëllef (DG ECHO) huet keng Präsenz zu Lëtzebuerg. Wat Abteilunge vun der Generaldirektioun fir Gesondheet (DG SANTE) a fir Energie (DG ENER) ugeet, ass et eis net méiglech d'Informatiounen déi der "Union Syndicale Luxembourg" zougedroe goufen, an op déi den Honorabelen Deputéierten sech referéiert, ze confirméieren.

Wat mir kenne confirméieren ass dat an den Echangen iwwer déi läscht Méint a Wochen tëscht der Regierung an der Presidentin vun der EU Kommissioun, Ursula von der Leyen, respektiv dem responsabele Kommissär, Johannes Hahn, d'Kommissioun ëmmer nees hire Wëllen ënnerstrach huet d'Engagementer am Kader vum Accord Asselborn-Georgieva voll a ganz z'honoréieren.

Wat d'Europäesch Exekutiv-Agence fir Verbraucher, Gesondheet, Landwirtschaft an Ernierung (CHAFEA) betrëfft, sief op d'Äntwerten op d'parlamentaresch Froen N°2149 an N°2180 verwisen. Et sief och un d'Resolutioun erënnert, déi den 11. Juni 2020 vun der Chamber adoptéiert ginn ass en Soutien vun den Efforte vun der Regierung.

D'Regierung setzt sech konsequent dofir an fir d'Präsenz vun den EU Institutiounen an Agencen am Grand-Duché weider ze stäerken. Nieft der enker Zesummenaarbecht mat den EU Institutiounen an Agencen, déi hire Sëtz schonn am Grand-Duché hunn, wat d'Realisatioun vu Bauprojete betrëfft, schafft d'Regierung och aktiv drun, fir nei EU Agencen a Strukturen op Lëtzebuerg ze kréien, notamment an de Beräicher Digitales, Justiz, Finanzen a Gesondheet. An dësem Sënn wäert d'Regierung och d'Kandidatur vu Lëtzebuerg fir de Sëtz vum zukënftegen Europäesche Kompetenzzentrum fir Cybersécherheet stellen.

De Fait datt souvill EU Fonctionnairen an Agente wéi nach ni zu Lëtzebuerg schaffen an datt mir an deene leschte Joren zwou néi EU Agencen, den Europäesche Parquet an den EuroHPC (*entreprise commune européenne pour le calcul à haute performance)*, hei am Grand-Duché empfänke konnten, weist datt déi proaktiv Approche vun der Regierung seng Friichten dréit.